Dir Dammen an Dir Hären !

Den rapport d'activités vum Syndicat ass déist Joer gudd geföllt an mir konnten eis nët iwer ze wéineg Aarbecht bekloen.

Den comité vum Syndicat ass 7 mol zesummen komm, mir haten eng réunion mat der Mme Hennicot, deemoleg Bautenministesch, mir waren 1x mat dem FC Tricolore beim Sportschäffen, dem Här Rippinger, mir waren 1 x beim Verkehrschäffen, dem Här P.H. Meyers, mir hun den Här Faber mat den Streetworkeren vun der Interactions gesin, mir haten eng réunion mat dem Här Olinger, comch vum Polizeikommissariat fir iwer d'Secherheetsproblemer am Quartier ze schwëtzen, mir hun eng informelle réunion mat dem Emwëlt- an Transportminister Lucien Lux gehat, mir waren présent wéi den vote provisoire an den vote définitif vum Ban de Gasperich gehol gin sin, mir kruten den 6.12. en "ganz klengen mini-deel" fir et op eng ironesch Art an Weis auszedrecken vum 2. Masterplan op der Gemeng virgestallt an mir hun den 10.1. eis verbal Reklamatioun, an Gegenwart vun villen Gaasperecher Leit ofgin. Op den projet vun der Urbaniséierung vum Quartier kommen ech spéider drop zreck.

Mir waren an den Versammlungen vun der Union des syndicats d'intérêts locaux vun der Stadt Lëtzebuerg vertrueden. Bei dëser Geleenheet begreissen ech härzlech den Här Reef, Président vun der USILL an soen him heimat villmols Merci dat hien bei eis komm ass an datt USILL ons esou gudd duerch hir Präsenz bei den verschiddenen réunionen an der Gemeng ënnerstetzt huet. Den Här Reef wärt eis spéiderhin nach vun den Problemer mat der Secherheet an der Stadt an dem projet SCHUMMER erzielen an eis soen ewou mir um Findel elo drun sin.

Mir waren eng Ke'er am Comité préventif op der Gemeng ewou iwer sécuritéit an eisem quartier geschwat gin ass an mir waren vertrueden um Hearing iwer d'Sécherheet an deenen verschiddenen quartier'en vun der Stadt.

Dann haten mir den 6. November eisen MillerMoaler-Owend, Gott sei Dank haten mir en gudden Virverkaaf gemach, well et waren nëmmen 51 Leit op eisem Owend, an dofun war den Gros nët vun hei. Mä den Echo war esou super an déi Leit déi do waren, waren voll begéischtert, an duerfir verléieren mir den Courage nët an organiséieren och deist Joer erëm eng Soirée déi wahrscheinlech den 19. November ass. Ech soen deenen Geschäftleit an Privatleit villmols Merci déi eis gehollef hun eng flott Tombola ze organiséieren.

Mir sin 1x mat den Veraïner zesummen komm fir den Manifestatiounskalänner ze préparieren. Mir hun d'journée commémorative organiséiert an participéiert um Chrëschtmaart zesummen mat den aaneren Veraïner. Mir waren bei deenen Veraïner vertrueden déi eis eng Invitatioun op hir Generalversammlung gescheckt hun.

Wat den Détail vun eisen verschidden Korrespondenzen ugeet fänken ech un mam Quartier Giorgetti an der Escherstrooss :

No e puer réclamatiounen op der Gemeng, hun mir geschriwen kritt d'Aarbechten gifen am Hierscht 2004 endlech ugoen, mä wéi Dir gesidd ass nach ëmmer naischt geschidd. An enger CSV Versammlung kruten mir dun gesot dass d'Aarbechten gifen am Fréijor 2005 ugoen. Mir sin gespaant op dat klappt.

Mir hun entretemps eng demande erangescheckt fir dén panneau signalétique, Eck Beethoven/Plantinstross op d'Escherstross ze placéieren. Mir hun bei där Geleenheet fir dat Steck vun der Plantinstrooss en Flüsterbelag gefrot, an Méiglechkeet ze analyséieren fir d'Entrée vun der Escherstross an Plantinstross méi frendlech ze gestalten. Mir kruten vun der Gemeng d'Aentwert dass si d'accord sin fir den panneau ze déplacéieren, den Flüsterbelag wär aus techneschen Ursachen net méiglech, mä si gifen am Kader vun dem réaménagement vun der Beethovenstross virgesin, fir Béemercher an zousätzlech Parkplatzen an desen Deel vun der Plantinstross ze machen, esou dat si méi schmuel get an awer 2 Bunnen fir eraus an 1 fir eran kann behalen. Mir hun méindlech vum Verkeehrschäffen verséchert kritt, nodeem dat mir nach eng Ke'er reklaméiert hun, si gifen den projet virféieren kommen. Wann een nach Ideen fir eng Verbesserung hätt soll een se elo soen. Mir hun och gefrot fir dat Beschelderung an der Beethovenstrooss nogekuckt soll gin.

Mir hun gefrot dass den Busarrêt "Gaasperecherbierg" mol propper an secher gemach gét an den propriétaire vun dem verlossenen Haus opzefuerderen no senger Wildnis ze kucken.

Mir hun en Bréif un den Direkter vun der Emweltverwaltung gemach fir Kopien ze froen vun den Rapporten vun den analysen vun der deemoleger Goudronsfabrik. Do si mir dun nämlech gewuer gin, datt nët déif genuch sanéiert gin ass, an duerfir kann haut nëmmen op der Ueverfläch gebaut gin.

Nodeem dat mir héieren hun, dat d'Gemeng wölles hät Skateboard-piste an den Millewée ze verléen hun mir direkt réagéiert an gefuerdert datt des piste soll op eng Plaatz kommen ewou si d'Leit net stéiert, zoumol ewou si nët vun der Gaasperecher Jugend mä vun Leit aus dem noen Grenzgebitt benotzt get an dat zou egal wat fir enger Stonn. Ausserdeem besteet jo schons zu Hollerech am alen Schluechthaus eng indoor piste. Duerfir sollen si dem Football en neien anstännegen terrain zur Verfügung stellen deen och fir den Schoulsport könnt benotzt gin. Mir kruten duerno verséchert datt dat gif geschéen mä elo hun mir dann erem héieren datt en halwen terrain multisport soll dohin kommen an den Football och nëmme en halwen terrain kritt. d'Auschreiwung fir Parklplatzen an den terrain multisport waren och schon an der Zaitung. Bei der Skate-boardpiste hun mir och keng satisfaction kritt, mä mir sin op allefall iwerzeegt dat si net bei d'Wunnhäiser gehéert, dat ass den ganzen Problem nëmmen vun enger Saït op déi aner getesselt.

Mir hun en Bréif un Polizeidirektioun gemach fir si drop opmierksam ze machen datt d'Awunner vum Quartier sech net méi secher fillen an datt och eis Geschäftsleit vill Prolemer hun wat Séecherhéet betrëfft. Och do hun mir bis haut keng Aentwert kritt.

Wat circulatioun betrëfft, hun mir mol op der Gemeng reklaméiert wéinst den Camion'en an camionnetten déi an den Strossen am Quartier stin, mir wéissen zwar dat d'Police en sondage soll gemach hun, méi vun der Gemeng hun mir nach ëmmer naischt héieren an et ass entretemps och nach nët besser gin.

Mir hun an der Gluckstrooss en Fussgängerstreifen kritt, an do hun mir gefrot fir deen nach méi ofzesécheren, sif et duerch en panneau, eng Lucht oder en

clignoteur, méi och do kucken se nach ëmmer op der Gemeng wat sech machen léisst.

Mir hun en Stop gefrot op der Kraizung Colomb/Richard Wagnerstroos wann een aus der Industriezone könnt, och do sin déi technesch Servicer vun der Gemeng sech nach nët eenz.

Wat d'Séecherhéet op den Veloswéer ubelangt, hun mir en courrier un d'Usill gemach, well dat jo net nëmmen eisen quartier betrëfft mä generell ganz Stadt.

Dann zum Tempo 30 : mir waren op der Gemeng krutten deen projet virgestallt an konnten domadder liewen, wann nët herno eis an der Hall omnisport en aaneren projet virgestallt gin wär wo mir guer naischt dofun wossten bis den Ament. Den vote ass am Conseil geholl gin, an mir hun am Transport an am Innenministär reklaméiert an gefrot deen projet net ze approuvéieren, dun sin mir erëm op Gemeng geruff gin an hun hinnen gesot dat mir net können mat d'accord sin dass just den tronçon Rossini vun der Déportatiounsstrooss aus roueg geluegt gett, an ronderem Schoul kann den ganzen Verke'er laafen. Bon, mir hun dun gesot dat si des situatioun nach eng Ke'er sollen nokucken an mir gifen 6 Méint nodem den projet léift, nach eng Ke'er à charge kommen.

An der réunion den 10.1. op der Gemeng ewou mir wéinst dem Ban de Gasperich gehéiert gin sin, hun mir nach eng Ke'er versechert kritt, dass d'Louis de Fromentstroos net mat der Père Raphaëlstrooss gif verbonnen gin, dat schengt och elo vleicht wouer ze sin, well am vote définitif déi direkt sortie/entrée vun der Industriezone op den bd Raiffeisen jo vun der Plantinstroos ausgeet, an net méi vun der Père Raphaelstrooss, eng Fuerderung vum Syndicat.

Nodeem dat Awunner vun der Escher- an der Gaasperecherstrooss eis kontaktéiert hun, hun mir en Bréif un Gemeng gemach wéinst engem projet op der nr. 101, Gaasperecherstroos, ausser dat eisen Bréif elo am dossier op der Gemeng leit, an der Informatioun mir gifen informéiert gin wann eppes sech gif an der Sach din, wéissen mir näischt.

Duerch den Me Mosar, hun mir en Bréif un Coditel schreiwen gelooss, fir si drop opmierksam ze machen, dat si weder den index nach Joresabonnement respektéieren, well si verrechnen iech en halwen Mount zefill. En 2. Bréif ass un d'Coditel gangen fir ze froen ewéi si hir Praiser verrechnen, mir hun manner Léschtungen awer méi héig Praiser, an wann een bei hinnen eppes wöllt nofroen, dann hieft keen um Telefon op.

Dann kommen ech zum Ban de Gaasperech. Mir hun, nodeem dat mir gemierkt hun dat mir giffen veräppelt gin, en offenenen Bréif un Mme Hennicot, déi fréier d'Bauteministesch, den freieren Innenminister Wolter an un den Gemengerot gericht an mir sin an d'Press gaangen. Mä trotzdem komm et den 17 Mee zum vote provisoire, mir hun 286 perséinlech Reklamatiounen ofgin, d'Natura an Vulleschutzliga hun eis och ënnerstëtzt. Dofir soen ech hinnen en härzlechen Merci. Mir sin den 10. Januar op der Gemeng gehéiert gin an mir hun eng note ofgin ewou mir soen dat et sech hei em eng procédure vicieuse handelt well mir d'piècen net all gesin hun déi mir schreftlech gefuerdert hun, mir hun vun der réunion én Compte-rendu gescheckt kritt, vun deem dir alleguer déi reklaméiert haten eng Kopie kritt hutt, an déi Leit déi op der Gemeng waren, hun héieren

datt dat nét dat war wat mir gesot hun, also hun mir erem geschriwen....déi jeneg déi eng Kopie vun desem Bréif wellen sollen sech bei mir mellen si können déi gären kréien..ech wär och frou wann déi Leit déi wöllen mat eis op den Wée goen fir eng Reklamatioun am Innenministär ofzegin sech gifen bei mir mëllen, well wann dir elo en Recommandée kritt vun der Gemeng, hänkt délibératioun 8 Deeg aus, an dir hutt 14 Deeg Zaït fir är Reklamatioun ze machen. Et kann een nëmmen eng Reklamatioun machen, wann een schon beim vote provisoire reklaméiert huet. Bei deser Geleenheet soen ech deenen Leit déi eis esou gudd ënnerstetzen en härzlechen Merci.

Bon, den 31. Januar komm et dun zum vote définitif : hei sin d'resultater vum vote : DP – CSV an den ADR hun unanime duerfir gestömmt, d'LSAP an déi Greng hun unanime duergéint gestömmt.

Wat ons awer béiss frappéiert huet datt war dat mir dun gewuer gi sin datt den bureau d'études Spacetec eng etude zu den loftbewegungen am kader vum BDG gemaach huet an datt zesummen mam Emweltministär an der équipe vum masterplan.

Des étude huet bewisen, dat déi 2 Loftcouloiren, nord-ost an süd-west onbedengt missten besser berücksigtecht gin, fir dass d'Zoufuer vun frescher Loft haaptsächlech fir den quartier gare garantéiert bleiwt, dofir ass den grengen couloir (fousgänger an velosweer, eng fuerderung vun natura, natur an vullenschutzliga mä och vum Syndicat) an den masterplang erankomm deen se zuer Basis geholl hun fir den vote définitif ze machen, an dofir sin och am boulvard raiffeisen iwerall béem firgesin. Béem am neien boulvard war eng "fuerdrung" vun deser étude)wann d'Gemeng net d'reclamatiounen vun der Natura an der Vulleschutzliga geholl hätten, hätt den masterplang si + ou - gezwongen en neien PAG zemaachen, well dann freschloftschleissen net méi garantéiert gin wieren, di wieren dann oofgeschnidden gin. D'Schadstoffwerter gin, no där étude , an luucht op der gare, mé bleiwen nach just an der Limit, ouni déei couloir wier dat net mei den fall.

Sou gesidd dir dat mir nëmmen minim vun ëppes informéiert gin an ëmmer nëmmen en megagroussen an schéinen Park virgegaukelt kruten. Mir sin och enttäuscht dat dem avis vun der Commission d'aménagement vum Innenministär nët Rechnung gedron gin ass, well méi negatif zum projet kann keen avis sin, an trotzdem ass et zum vote définitif komm. Den avis huet ënnert villen aaneren Punkten ofgeroden d'Strosseninfrastrukturen mat ze votéieren well si den tissu urbain giffen fouti machen, en fait deen een herno net méi kann reckgängeg machen, mir wärten an den Strossen erstecken mat all hirem Verkeer, Gestank an Komméidi.....

Bleiwt nach zesoen, dass vun 1875 Stéit zu Gaasperech 411 un dem sondage deen Gemeng lancéiert haat participéiert hun : 263 Stéit hu gesot, dat Verkeehrsbelaschtung elo schon hech wär, 292 Stéit fillen sech gestéiert duerch den Flugverkeer an 250 Stéit sin dogéint dat méi gebaut zu Gaasperech...

Dann wöll ech iech nach drun erënneren, datt den 1. Masterplan eng commande vum propriétaire vun den terrains'en war d.h. vum Promoteur an den 2. Masterplang deen dem Innenministär gehéiert ass och nach ëmmer deen vum promoteur..... den bureau d'études ass och nach ëmmer deen selwechten well si

hun den 1. Masterplan als Basis geholl..... Eent steet fest, all déi Dokumenter ewéi Masterplan, papier stratégique vun den Ponts et Chaussées asw. sin nëmmen visiounen an hun keng juristesch an bindend valeur mä op déi visiounen ass den vote définitif gehol gin. Mir froen eis ewéi déi ganz procédure déi elo gelaaf ass iwerhapt rechtlech ze vertrieden ass.

Domat well ech iech elo froen op dir mat d'accord sitt dass den Syndicat am gegebenen Fall, op seng Käschten, op en Affekot zreck greifen kann. Fir d'Prozedur an den Intérieur ass dat nach net den Fall, mä herno vleicht, könnt dir dat droen mat dem neien comité droen ??

Sou, dat wär et fir mein Deel, ech soen iech Merci an gin dem Fränz elo d'Wuert erem zreck.

Jacquie Lakaff